

LETZEBURGER ALLERLÉ

No. 84

De' e'scht Konn

Kome'de'stēck an 2 Akten

vum

Alice GESCHWIND



Letzeburg — Drock a Verlag Linden & Hansen

LETZEBURGER ALLERLË No. 84

De' e'scht Konn

Kome'de'stëck an 2 Akten

vum

Alice GESCHWIND



LETZEBURG
Drock a Verlag Linden & Hansen
1933





PERSO'NEN:

1. Dokter Fanny Klên.
2. D'Elly, seng Schwester.
3. D'Madam Meyer, hir Mattant.
4. D'Suzanne, hir Mod.
5. Dokter Germaine Ney, eng Fröndin vum Fanny.
6. D'Bäbbchen, e Mêdche vum Land.
7. Eng Hause'eresch.
8. Eng Joffer.

ALL RECHTER VIRBEHALEN.

Eng Opfe'hrong o'hni Erlâbnes vum Verlag
fällt önner d'gesetzlech Strofen.





Eng gemütlech Stiffchen bei besser Leit.
Dösch, Kanapê, Fotell, Kamo'd an s. w.

1. Zén.

D'Suzanne.

Suzanne (könnnt ganz iergerlech erân). Ewell wär et mer dêrs ower bâl genug! Mengen d'Leit da wierklech, ech hätt neischt âneschtes hei ze dun, we' Portier ze spinnen! ('T fänkt un ze stöpsen.) All Ablëck hänkt en âner un der Schell. Bâl aß et eng âl Hêscoufla, bâl e Mann, dê Schongschne'er fêl huet; da könnnt eröm eng Joffer de Beitrag ophiewen vum Frauenbund, vum Kinderhort a we' de' Vereiner all hêschien. 'T aß fir aus der Haut ze fuehren. Wann ên honnertmol am Dâg fir neischt a widder neischt geste'ert gött, da mag der Jomer mat senger Arbecht virukommen! An ech hun ower gier, daß alles pickfein an der Reih aß, wann d'Joffer Fanny könnnt. ('T hält e we'neg op mat Stöpsen.) We' oft werd sie an dèr großer Stâdt, önner all dène frieme Leit, no hêm verlängert, we'

oft mat schwe'rem Hierz un hir le'f gemütlech
Stiffchen hei geduecht hun! Jo, wann se mir
nogelauschtet hätt, wär se schon d'lescht Johr
nöt me'h hannescht no Pareis gäng. Mä natir-
lech, den Här Chef hätt seng dichteg Höllef
nöt gier verluer, ewell so' eng gescheit Joffer
we' onst Fanny geht hie weit a brêt nöt me'b
sichen. (D'Auer schle't.) Oh du le'wecher Him-
mel, schon halwer drei, an d'Joffer Elly soll
op der Gâr sin, wann de Pareißer Zug ukönnt!
('T rifft.) Joffer Elly! Joffer Elly!
'T re'hert sech nach neischt. Ech wetten, sie
steht nêß an hirer Kummer ze jëngen. Eso'bâl
we' sie d'Gei an der Hand huet, geseit an
he'ert se neischt me'h rondröm sech. Nun, da
muß ech s'alt e we'neg me'h hârt op des
Welt zräckruffen an se drun erönneren, daß
nach eppes âneschtes niewent hirem Spill exi-
ste'ert. ('T jeizt.) Joffer Elly! Joffer Elly!
— Wann se dât do nöt gehe'ert huet, da muß
s'ower sicher an den allerieweschte Wolleke
schwiewen.

2. Zén.

D'Suzanne, d'Elly.

Elly (könnt erâgelâf). A wât aß da geschitt, Su-
zanne? Brennt et enzwo'sch oder meng der,
ech wär iwer Nuecht dâf gin?

Suzanne. Neischt fir ongutt, Joffer Elly, wann
ech iech e we'neg hârt aus dem siwenten Him-
mel geraß hun. Mä ech wollt iech bloß son,
daß der Joffer Fanny hiren Zug an enger
Ve'erelstonn ukönnt.

Elly (kuckt ganz erschreckt op d'Auer). Mengerwärrech, scho fönnef op halwer drei! An ech hun an enger Gemütsro'h gespillt, we' wann ech nach Zeit ze verschenken hätt. Dann hëscht et elo nöt läng trentelen. Zwo' Minuten fir meng Gei ânzepâken, eng Minutt fir den Hutt opzesetzen, 't kann nach grad eso' duer gohn!

Suzanne. Loßt êr Gei nömmme sin, Joffer Elly, de' kann ech och schon an d'Köscht lêen.

Elly. Nê merci, ech besuergen dât le'wer selwer.
(Of.)

3. Zén.

D'Suzanne eleng.

Suzanne. Jo, jo, d'Leit hu recht, wann se behäpten, d'Artisten hätten all e Riedchen zevill. Wât e Gedëßems an e Gedëngs fir eso' eng éfälleg Gei! 'T aß nönnme se'her gutt, daß ech keng neidesch Oder u mer hun, soß mißt ech jo bâl jalo's gin iwer dât dommt Instrument do. Wo' kann e verstännege Mönsch sech bei dem sche'ne Wieder âspéren, an eng geschloe Stonn sech den Arem verrenken! Aß dât nun eng Plese'er, drop laß ze jëngen, we' wann ên derfir bezuehlt wär? ! (Sie mecht d'Bewegong vum Spillen mat der Handbiescht a sëngt:) « Du, du liegst mir im Herzen, du, du liegst mir im Sinn; du, du machst mir viel Schmerzen, weißt nicht, wie gut ich dir bin! » — Oh Mammele' Kanner, mein Arem! Da spe'nnen ech ower nach le'wer e ganze Parquet, we' nömmen eng Ve'erelstonn eso' Gymnastik ze mân. Nuje, den Herrgott huet allerlè Kascht-

gänger op der Welt, mä keng, de' neischt ießen. (D'Elly könnnt fierdeg ugedon erân.) Sidd der scho fierdeg, Joffer Elly? Dât aß ower schötzeg gâng!

4. Zén.

D'Suzanne, d'Elly.

Elly. Gelt emol, Suzanne, ech ka mech och tomelen, wann et gölt? 'T aß egal, ech sin ower fro'h, daß der mech geruff hât. Wann ech ze spe't op d'Gâr komm wär, hätt ech d'Levitten geließ kritt, an dât no der Herrlechkêt! — Awuer, Suzanne, bis derno!

Suzanne. Avoir, Joffer Elly; läft nömmen huerteg, well ech he'ren den Tram scho kommen. (D'Elly of.) Hoffentlech hält en um Eck, soß könnnt d'Elly trotz sengem Getommels dach nöt me'h zur Zeit. An da steht de' ârem Joffer Fanny eleng mat hire Valissen um Perron a mengt, mir hätten s'all hei vergieß. Jo, wann ech hätt können op d'Gâr gohn, ech wär sicher schon eng hallef Stonn vrum Zug dogewiescht. Mä de' jong Kanner hun ömmer Zeit genug. — Do, elo wär ech endlech fierdeg! Hun ech och neischt vergieß? ('T kuckt dorömmer.) Frösch Blummen an de Vasen, de' neist Zeidong um Dösch, d'Kössen vum Kanapê gutt opgeröselt. Jo, ech mengen, eso' könnnt d'Joffer Fanny sech eröm an onser Stiffchen dohêmfannen. (Et schellt.) Alt nês eng Ke'er! Ech wollt, d'Schellen wären all, wo' de Peffer wißt; 't gött ê jo nach ganz verrückt mat dem e'wege Geklängels! Loß ech ower alles mat eweg huelen. Vielleicht aß et e Besuch, dên ech hei erâfe'hre

muß. ('T schellt nach eng Ke'her.) Alt e we'neg
gemütlech, ech kann dach nöt hexen! Dén
dobaubben stong och nach nöt an der e'schter
Reih, we' d'Gedold ausgedélt aß gin. (Of.)

5. Zēn.

D'Madam Meyer.

Madam Meyer. Suzanne, hutt der nöt vergieß?
... Ah, d'Suzanne aß nöt hei. Richteg, 't werd
kucke sin, wie geschellt huet. Da wollt ech
mech nach huerteg iwerzège gohn, ob dem
Fanny seng Kummer an der Reih aß. (Of.)

6. Zēn.

D'Germaine, d'Suzanne.

Germaine (gött vum Suzanne erâgefo'hert). Sidd
der dann elo zefritten, Suzanne, daß êr Joffer
sech endlech decide'ert huet, fir heihêm ze
bleiwen?

Suzanne. Majommemo, dât wölle mer gléwen!
'T wor scho lâng mei gre'ße Wonsch. Dir
könnnt iech nöt virstellen, we' dê Gedanken,
onst Fanny an der Friemd ze wôssen, mer
d'Hierz oft schwe'er gemacht huet. Kuckt, Joff-
fer Germaine, an dêne lânge Johren, de' ech
an desem Haus verbruecht hun, sin dem Här
seng Kanner mer eso' un d'Hierz gewueß, daß
ech o'gni sie nöt me'h liewe könnt. Hirt
Glück aß mei Glück an hirt Léd aß mei
Léd gin.

Germaine. Dât aß sche' vun iech, Suzanne, daß
der eso' un êre Jofferen hänkt. Mä ech kann
iech versichern, sie hålen ower och gro'ß

Stécker op iech. Onst Suzanne hei an onst Suzanne do. Dât aß hirt e'scht an hirt lescht Wuert. Kênen aß eso' trei, kê mecht seng Arbecht eso' gewössenhaft we' d'Suzanne.

Suzanne (gere'hert). Aß et wo'her, hun sie dât wierklech gesot? Jo, jo, 't waren allzeit le'f, gutt Kanner. An ömmer fröndlech a gefälleg ge'nt mech; nöt de' Bo'hn âgebild op hire Reichtom an hir Gescheithêt. Wann ech derge'nt bedenken, wât e schwe're Standponkt d'Mod a muncher Haus huet, eso' bâl we' d'Jofferen eropwueßen an ufänken, sech öm de Stot ze bekümmeren. Hätten se we'negstens nach eng Ahnong vun dér viller Arbecht, de' mir âner ze lëschten hun. Ower nén! Sie kennen vun Tuten a Blosen neischt a wäre gier Chef d'Orchester. Eso' kommande'ren se bâl hei, kritize're bâl do a ke're schle'ßlech d'ganzt Haus op d'Kopp.

Germaine. Dir hutt Recht, Suzanne, all Arbecht muß gele'ert gin. 'T aß nach kê Mëschter vum Himmel gefall.

Suzanne. Do aß d'Joffer Elly dach me'h verstänneg. Wann sie mer emol am Haus hellefe soll, a sie könnt nöt recht zuwê, gesteht se ganz einfach ân: Suzanne, ech wéß meng Hänn nöt unzeléen; kuckt, dir könnt dât jo vill, vill besser we' ech. Ech ge'f iech dach nömmen alles zumonwê mân, an dann hätt dir derno duebel Arbecht.

Germaine (fir sech). Dê klengen Neischnotz!

Suzanne. Du mei Gott, ech ka jo gutt verstohn, daß d'Kand le'wer Gei spillt oder op d'Tennisplätz geht, we' d'Miwelen hei ze stöpsen a bei

der Kachmaschin ze schwêßen. Duefir son ech och mêschtendêls: « Je, je, Joffer Elly, loßt nömmen alles sin a macht ér Fangeren nöt schmotzeg. Ech gi schon eleng fierdeg. » Mä dir denkt sicher, d'Suzanne wär eng âl Maulesch, de' hir beschten Zeit verklatsche ge'f. Ower, gléft mer es, Joffer Germaine, 't aß soß meng Mane'er nöt, fir eso'vill ze schwätzen. Nömmen, wann d'Ried op ons Joffere könnt, da geht d'Hierz mer op. (Of.)

7. Zén.

D'Germaine eleng.

Germaine. Jo, wo'vun d'Hierz voll aß, lëft de Mont iwer. Seng Jofferen fir unzefänken, an seng Jofferen fir opzehâlen! Weider kennt d'Suzanne neischt. Eso' eng gutt, trei Se'l verdängt wierklech an E'hre gehâlen ze gin. Können ons modern Mêd, de' nur un den Ho'fert an den Amusement denken, nömmen all bei d'Suzanne an d'Scho'l gohn! Sie ge'we sicher neischt derbei verle'ren, hir Herrschaften ower vill derdurch gewannen.

8. Zén.

D'Germaine, d'Madam Meyer.

Madam Meyer. Bonjour, Germaine! Dât aß le'f, daß de ons nach nöt vergieß hues.

Germaine. Oh, Madam Meyer, we' könnt ech je meng zwêt Hêmecht vergießen!

Madam Meyer. Madam Meyer! Fir wât eso' zemoniell? Sin ech dann d'Tata Marguerite nöt me'h we' soß?

Germaine. Oh dach, de' bleift der ömmer fir mech.
Mä ech wor nöt recht eso' käng, de' le'f, âl
Gewunnegt aus menge Kannerjohren beizebe-
hâlen.

Madam Meyer. Ech froe mech wo'fir? Mengs de
vielleicht, d'Joffer Dokter wär mengem Hierz
we'neger le'f we' dât klengt Germaine vu
fre'her, dât eso' oft mam Fanny hei gespiltt
huet?

Germaine. Jo, Tata Marguerite, ech ge'f iech
batter Onrecht dun, wollt ech zweiwelen un
érer Le'ft, de' der mer eso' oft bewiesen hutt
an der trauereger Zeit, wo' meng ârem Mama
bâl ömmer un hir Chaise longue gebonne wor.
Fir all de' sche' Stonnen, de' ech a mengem
zwêten Hêm verbruecht hun, kann ech iech
jo nie genug danken.

Madam Meyer. Wölls de wuehl ro'heg sin, Ger-
maine, an daß ech neischt me'h dovun he'ren!
Wann ech et wierklech errêcht hun, e we'neg
Sonn an dei jongt Liewen ze brêngen, da wor
dât fir mech selwer eso' e gro'ßt Glück, daß
den Dank ganz op menger Seit aß. Mä lê dech
dach of, mei le'ft Kand; du hues sicher eso'vill
Zeit, fir enger älter Fra eng Weilchen Gesell-
schaft ze hâlen. (Sie schellt a gött dem Su-
zanne, dât erâkönnt, dem Germaine seng Sâ-
chen.)

Germaine. Oh, fir d'Tata Marguerite hun ech
ömmer Zeit; sie hât der eso' oft fir mech.
We' fro'h wor ech als Kand, wann et ge-
hêscht huet, ech könnt no der Scho'l mam
Fanny bei iech kommen! Fir d'e'scht aß d'Auf-
gab gemâcht gin, sin d'Lektio'ne gele'ert gin,

an da gong et un d'Erziehlen. Eso' sche' Geschichten we' d'Tata Marguerite wo'ßt d'Mère St.-François emol nöt.

Madam Meyer. An haut huet d'Blät sech gedre'ht.
Haut aß et d'Germaine, dât erzieht, an de' al Mattant, de' nolauschtet. Da komm, Kand, setz dech niewent mech a mäch der et kamo'd. We' geht et dann mat denger Mama?

Germaine. Oh, ech danken, Tata Marguerite; sie fillt sech momentan eso' gutt we' scho läng nöt me'h. An der leschter Zeit huet hire Kappwe'h eppes nogeloß, an zönterhir aß an hirem Zo'stand eng bedeitend Besserong âgetratt.

Madam Meyer. 'T frêt mech, dât ze he'ren. Deng årem Mama huet och läng genug eng hêmlech Märter ausgestahn. A mat wåt fir enger Engelsgedold sie hirt Lèd erdrön huet, wêß jo kê besser we's du.

Germaine. Jo, ech ka mech wierklech nöt erönen, daß d'Mama an dene lange Johren sech je eng Ke'her beklot hätt. Am Ge'gendêl wor et sie nach ömmer, de' ons opgericht a getre'scht huet. Kuckt, Tata Marguerite, an dem e'wegen Op an Of vun Angscht fir hirt Liewen, vu Frêd, wann se sech êmol besser gespirt huet, aß lues a lues mei Beruff erwâcht. An dem Alter, wo' de' âner Médercher nach mat der Popp spinnen, hun ech nömmen dervu gedrêmt, we' sche'n et wär, wann ech spe'der als Dokter menger Mama an alle kranke Leit hellefe könnnt.

Madam Meyer. Dann hätt dein Drâm sech elo endlech erföllt. An du kanns secher sin, daß

d'Glück, dech fir ömmer bei sech ze hun, nach
Wonner un denger Mama wierkt. Sie huet
dech eso' läng missen entbihren.

Germaine. Jo, 't wor och härt genug fir mech,
sie all de' Johren eleng ze lößen. Mä d'aka-
demesch't Studium dreift nun êmol d'jongt
Mädchen aus dem Haus. Bâl an deser Städ,
bâl an dêr do, dât aß d'Lo's vun enger Stu-
dentin.

Madam Meyer. Dir glücklech Kanner, dênen eso'
scheint Lo's zo'gefâll aß; we' sidd der ze
beneiden! Haut, wo' d'Fra dem Mann och op
intellektuellem Gebitt gleichgestallt aß, gött
et jo kaum e Beruff me'h, vun dêm en intel-
ligent jongt Mädchen ausgeschloß wär. Jus,
Medzin, Professorat, Architektur, eso'guer Po-
litik, jidwer Carrière steht iech op. A fre'er?
Du le'wer Himmel, wann ech drun denken, wât
ons gebueude wor!

Germaine. Jo, Tata Marguerite, âner Zeiten, âner
Sitten. Fre'her huet et gehêsch't, d'Fra ge-
he'ert nöt an d'Öffentlechkêt, d'Haus aß hirt
Reich an d'Familgen hir Welt.

Madam Meyer. An domat wornen hirer intellek-
tueller Bildong vu virof enk Grenze gezun.
Zu 16, 17 Johr aß d'jongt Mädchen gewe'h-
lech aus der Pensio'n komm, 't konnt deitsch
a fransesch schwätzen, e we'neg Piano spil-
len, fein' Handarbechte mâñ, am he'chste Fall
och nach molen. Dât wor alles. Me'h aß nöt
vun him verlängt gin, me'h konnt et och nöt
léschten. Eso' weit an onbegrenzt éren Ho-
rizont aß; eso' enk wor démols de Wierkongs-
krés, dêne d'Traditio'nен vu Johrhonnerten en-

gem bessere jonge Médchen zo'gestahnen hun.
Vun all dênen Existenzme'glechkêten, de' sech
haut vrun iech opdonken, an êrem Liewen
Zweck an Inhalt gin, wor iwerhâpt keng Ried.

Germaine. Gewöß, Tata Marguerite, ech gi gier
zo', daß de' gutt âl Zeit mat hire Prefügêen,
enger Joffer et onme'glech gemâcht huet, nô
hirem Goût an hire Fähegkêten e Beruff ze
wieglen. Duefir wor sie ower nach läng nôt
gezwongen, e me'ßegt, onnötzt Liewen ze fe'h-
ren. Am Ge'gendêl, iwer d'Grenzen vun hirêm
klengen, alldé'gleche Flichtekrês eraus konnt
sie iwerall an de Vereiner e sche'nt Arbechts-
feld fannen, an eso' dach schle'ßlech hir jong
Krâft an hir frei Zeit an den Dêngscht vun
der Mönschhêt stellen.

Madam Meyer. Oh, u guddem Wöll hätt et dene
mêschten nôt gefehlt. Mä d'Geléenhêt wor der
Fra dêmols nôt gebueden we' haut, sech sozial
ze betätegen. A menger Jugendzeit, d. h. vrun
35, 40 Johr, hu mer nach neischt gewoßt vun
enger katho'lescher Aktio'n, de' alle Laien,
de Fraen eso' gutt we' de Männer, d'Apostolat
an de Vereiner zur helleger Flicht mecht. Vill
vun dênen Œuvren, de' haut eso' sche'n an
der Ble' stin, hun dêmols iwerhâpt nôt bestahn.

Germaine. An de Frauenbund dann?

Madam Meyer. Dên ebenfalls nôt. Ere'scht spe'-
der, we' d'Iwerzêgong sech och zu Letzeburg
durchgesât, daß d'Fra an der Zukunft eng
Roll an der Gesellschaft an am Staat spille
ge'f, aß de Grondstèn zu der gro'ßer Organi-
satio'n geluegt gin, de' sech no an no iwer
d'ganzt Land verbrêt huet. Ech stong un der

We' vun dêm jonge Verein, ech hun him gehollef, sein e'schte Schrott an d'Öffentlechkêt mân, hu fir hie gelieft a gudden an a schwe're Stonnen bis op dên heitegen Dâg, an ech muß son, daß op sozialem Gebitt Gro'ßes gelêschte aß gin.

Germaine. Mä, Tata Marguerite, eso' eng Ausdauer an der Vereinstätekêt, de' vill gudde Wöll an Dévouement erfuerdert huet, verdängt wierklech unerkannt ze gin.

Madam Meyer. Oh, op d'Unerkennong verzicht ê gier. Ech hun nie fir Luef oder Dank geschafft. D'Arbecht, de' ech am Frauenbund lêschte konnt, huet hire sche'nste Lo'hn a sech selwer gedron: Sie huet mengem Liewen en Inhalt gin, huet mech reich a fro'h gemâcht. D'Vereinstätekêt wor et jo, de' mer iwer de' schwe'er Zeit no mengem Mann sengem Do'd eweggehollef. Sie huet mech gele'ert, de' Le'ft, de' ech him geschenkt, we' en hellegen Ierfdêl op all ârem an onglücklech Leit iwerzedron. An och nach spe'der, we' de' schwe'er Aufgab mer zo'gefall aß, mengem Brudder senge Kanner d'Mamm z'ersetzen, de' en Onglêcksfall aus hirer Mött geraß, hun ech all meng frei Stonnen gier fir d'gutt Sâch geaffert. Mä fir op iech an êr Carrière zrückzekommen, wêß d'iwerhâpt schon, daß mer d'Fanny de Mötteg erwârdan?

Germaine. Jo, d'Suzanne huet mer d'Nuwell gleich an der Dir matgedêlt; 't wo'ßt sech vu Fréd nöt me'h ze hellefen.

Madam Meyer. Ech wär dem Fanny eso' gier entge'nt gâng. Mä an der leschter Zeit sin ech eröm zimlech schlecht zu Fo'ß.

'Germaine. Sicher nê's en Ufall vu Rematissem.
Arem Tata Marguerite!

Madam Meyer. Wât wölls de hun? Ech fänken
eben un, d'Gebrieche vum Alter ze spieren. Jo,
kuck nôt eso' verwonnert drân, Germaine, ech
sin op êmol eng âl Fra gin.

Germaine. Dir an âl, Tata Marguerite! Do stellt
der iech ower eppes vir, wât nôt aß.

Madam Meyer. Dach, dach, dêne frieme Leit
aß et och schon opgefall. Denk der emol un,
de' leschte Ke'her, we' ech am Tram gefuehr
sin, huet e jonge Mönsch mer eso'guer seng
Plätz offere'ert. ('T he'ert ê schwätzen.) Mä
lauschter, Germaine, wor dât do nôt dem Fanny
seng 'Stömm?

9. Zén.

De' Vireg, d'Elly an d'Fanny.

Fanny (könnnt erâgelâf a fällt der Madam Meyer
üm den Hals; hanner him könnnt d'Elly). Bon-
jour, Tata Marguerite!

Madam Meyer. Bonjour, mei le'ft Kand, wöll-
komm an der Hêmecht!

Fanny. Du hues Besuch, we' ech gesin. Ah, du
baß et, Germaine! Salut, âle Komerod! Dât
aß sche'n, daß du dech och âfondt hues, fir
mech wöllkomm ze hêschchen!

Elly. Bill der nömmen neischt ân, mei Bescht!
D'Germaine wo'ßt emol nôt, daß du haut
uke'ms. (Setzt sech bei d'Germaine.) A we'
geht et dann der Joffer Dokter?

Germaine. Oh ech danken, eso' zimlech. An dech
brauch ech nöt ze fron; du geseis jo aus we'
d'ble'hend Liewen!

Elly. Merci, eso' e Kompliment he'ert ên nach
gier.

Madam Meyer. Baß de nöt zevill midd vun denger
Rês, Fanny? Hâs de we'negstens eng ordent-
lech Plätz am Zug? Mä we' kucks de drân,
Kand! Baß de krank oder fehlt der soß eppes?

Fanny. Dât si vill Froen op êmol. Mä se' außer
Suerg, Tatachen, 't fehlt mer absolut neischt.
Ech hun nömmen e we'neg Kappwe'h. Du wêß,
ech konnt d'Resen nach nie gutt verdrön. An
hallef erdischert sin ech och.

Elly. Jo, onst Fanny hât nach ömmer eng dreche
Liewer.

Madam Meyer. Du âremt Kand! Da gin ech gleich
eng Fläsch Wei sichen, de' bescht, de' mer
am Keller hun. Mir mussen desen Dâg dach
zesumme feieren.

Fanny. Ech ge'f ower gier fir d'e'scht e we'neg
Toilett mâñ.

Madam Meyer. We's de wölls, mei Kand.

Elly. 'T wär och nöt vu Muttwöll. Du muß dech
jo selwer fierchten, wanns de dech an de
Spigel kucks. E Gesicht hues de we' e Kuehle-
brenner an e Kapp we' e Buschtebönner.

Fanny. Kê Wonner, wann ên zwei' Stonn am
Couloir bei der offener Fönster steht. Ent-
schöllegt mech, läng werd ech nöt op mech
wärde loßen. (Of mat der Madam Meyer.)

10. Zén.

D'Elly, d'Germaine.

Elly. Hues de da schon mat denger Installatio'n
ugefâng, Germaine?

Germaine. Oh nêñ, dorun denken ech einstweilen
nach nôt. Fir d'allere'scht gött sech emol gutt
ausgerascht, an dann hêsch't et, e passende
Quartier am Zenter vun der Stâdt ze fannen.

Elly. Etable'ers de dech dann nôt dohêm? Ert
Haus wär dach groß genug.

Germaine. Dât schon, mä ech woll der Mama de'
Opro'h erspueren, de' grad meng Praxis als
Kannerdokter mat sech brëngt. Wann hir Mi-
grän och nôt me'h eso' uerg aß we' fre'her,
kann sie ower nach kên Tapâsch verdron,
o'nni daß alles am Kapp hir we'h dêt. Schon
als klengt Kand sin ech gele'ert gin, op den
Ze'wen durch d'Kummere gohn, d'Diren lues
op an zo' ze mâñ, nôt hârt ze schwätzen,
eso'bâl sie iwer Kappwe'h geklot huet.

Elly. Dann allerdängs hues de besser, dech öm
en âneren Appartement z'ömsin. Kannergejeiz
aß kê sche'ne Concert fir sensibel O'hren a
keng gutt Medezin fir krank Nerven.

11. Zén.

De' Vireg, d'Fanny.

Fanny. Do, elo wär et mer fir en dëcke Su bes-
ser, daß ech eröm engem ordentleche Mönsch
gleichen. (Setzt sech niewent d'Germaine.) A
we' geht et da soß, Germaine? Hues de
d'Jeanne nach nôt gesin?

Germaine. Wêß de dann nöt, daß d'Jeanne nach zu Stroßburg aß?

Fanny. Richteg! 'T hât mer iwregens selwer geschriwen, daß seng Dêngschtzeit an der Klinik ere'scht den 1. Juli ofgelâf aß.

Germaine. Huet et dech dann och un onse Kontrakt erönnert?

Elly. We' . . . wât? . . . E Kontrakt! ? . . . A wât soll dât hêschén? . . . Daje, eraus mat der Fârf! . . . 'T werd mer eng sche'n Domm'hêt sin, daß der iech eso' lâng fle'we loßt.

Germaine. Soll ech et son, Fanny?

Fanny. Mengetwe'gen! 'T aß jo dach nöt geroden, wann d'Knetzel seng Nues nöt an ons Privatsâchen ze strecke kritt.

Germaine. Nun, da spötz deng O'hren, klenge Virwötz! We' d'Fanny, d'Jeanne a meng We'negkêt am leschten Semester zu Pareis stode'ert hun, so'tze mer ên Owend zesummen op menger Bud, Zukunftsplangen ze mâñ. . . .

Elly. De' Geschicht fänkt wierklech röhrend un. Ech stelle mer dât sche'nt Bild ganz lebhaft vir, de' rengsten Studentenidyll. Mä zur Sâch. . . . Wo' ware mer stoh bliwen? . . . Ah ja, du hutt der Zukunftsplange gemâcht, de' no an no all an d'Wâßer gefall sin. Oh, pardon, ech mengen, eso' weit wars de nach nöt mam Erziehlen.

Germaine. Du âle Spottvull do, du brêngs ê jo ganz aus dem Konzept. . . . Also' . . . du hu mer feierlech dât hei beschloß: Mir fänken allen drei mat dêmselwegen Dâg ons Praxis un. An dâtje'negt vun ons, dât d'Glëck huet, de'

e'scht Konsultatio'n ze gin, muß dênen âneren e Souper spende'ren.

Elly. A la bonne heure! Dât do aß eng ganz famo's Idê. De' hätt ech iech wierklech nöt zo'-getraut. Vive d'e'scht Konn! E flotten Diner mat Champagner, dât le'ßt ên sech nach gier gefâlen.

Germaine. Oh, de Champes muß nöt grad derbei sin.

Fanny. Nên, dê versuerge mer le'wer fir deng Fiançailles.

Elly. Wann dir op de' Gelêenhêt wârt, da kritt der nach eso'bâl kê Champes ze drënken. — « D'Freien aß neischt, » huet d'Mêdche gesot. « ower d'Kreien. »

Fanny. Du muß wössen, Germaine, daß bis hei-hin nach kê jonge Mönsch d'E'her hât, onsem Elly ze gefâlen.

Germaine. Baß du dann eso' kriddeleg? A we' mißt de Prince charmant dann ausgesin, dê Gnod an dengen An föndt?

Elly. E rassescht Gesicht, eng sche' flott Gestalt, de' gutt bei mech paßt. Nöt eso' kleng, daß hien niewent mer verschwöndt, an nöt eso' gro'ß, daß ech op d'Lêder klamme muß, fir em eng Bês ze gin. An engem Wuert gesot: en Typ, dênen eppes duerstellt a mat dêm ech mech iwerall weise kann.

Fanny. Du kriß extra ên zu No'spelt gebâk.

Germaine. Nöt iwel deng Konditio'nen. Nuje, zu 19 Johr denken d'jong Mêdercher all eso'. Wann da vun engem Här d'Ried geht, fron se nömmen: We' aß en?

Elly. Mä dât werd dach hoffentlech ons gutt
Recht sin?

Germaine. Gewöß, gewöß, 't streidt och kên iech
et of. Eng hallef Dose Johr me' spe't leit de
Fall ewell ânescht. Dann hêscbt et schon:
~~Wot~~ aß en? An eso'bâl we' se de' 30 emol
hanner sech hun, aß hir ênzeg Fro nach:
Wo' aß en?

Fanny. De' do könnt nöt vun dir; de' aß sicher
an dengem Mononk Georges sengem Gârt ge-
wueß.

Germaine. Nach ewell grad, du hues den Nol
op de Kapp getraff.

Elly. Das läßt tief blicken! A wo' der Jomer
huet hien de' psychologesch Studien do ge-
mächt?

12. Zén.

De' Vireg, d'Madam Meyer, spe'der d'Suzanne.

Madam Meyer (könnnt mat enger Fläsch Wein
erân). Germaine, du drënks dach sicher derno
eng Tâß Kaffi mat?

Germaine. Mat der gre'ßter Pleser, wann ech
net ste'ren.

Elly. Du a ste'ren! Wo' kanns d'eso' eppes son?
Du gehe'ers dach zum Haus.

Madam Meyer (zum Suzanne, dât de Plateau mat
Glieser erâbrëngt). Suzanne, dir könnt den
Dösch fir 4 Perso'nen decken, d'Joffer Ger-
maine bleift hei fir de Kaffi.

Suzanne. Soll ech vielleicht am Gârt serve'ren,
Madam?

Madam Meyer. Jo, Suzanne, dât aß eng d'Ié. Mir musse vum gudde Wieder profite'ren eso' lâng et nach dauert.

Elly (zur Madam Meyer, de' de Wein eraus-schenke wollt). Komm, Tata Marguerite, rascht emol e we'neg a loß mir de' Charge.

Fanny. Gött et och eppes Gutts beim Kaffi, Suzanne? Ech si ganz gelöschterlech haut.

Suzanne. Dât konnt ech mer denken. Duefir hun ech och fir eng sche' gro'ß Lavallière gesuergt; d'Joffer Fanny aß jo fro'h dermat.

Fanny. Hutt dir se selwer gebâk?

Suzanne. Jo, nén, dât héscht d'Joffer Elly.

Fanny. Dir werd ower hoffentlech gehollef hun, Suzanne?

Elly. Mä nén, ganz a guer nöt; ech hun se des Ke'her eleng gemâcht.

Suzanne. Jo, Joffer Fanny, iech zu E'hren. (Of.)

13. Zén.

De' Vireg, o'gni d'Suzanne.

Fanny. O Mamm, o Kanner, 't wär mer le'wer, du häß mech nöt eso' gee'hert! Mein âremt Germaine, dann hâl dech alt op dât Iergst gefâßt.

Madam Meyer. Nuje, nuje, Fanny, nöt iwerdreien!

Germaine. 'T werd schon nöt eso' schlömm sin!

Fanny. Jo, wanns du e Mo hues, dê Lieder verdaut. Ech kann dât nöt vu mengem behâpten.

Elly. Da gin ech der e gudde Rot, Dokter. Loß
du dât Lieder einfach stohn, mir ießen deng
Dêl scho mat. An iwregens, wann ên an engem
gliesernen Haus sötzt, werft ên nôt mat Steng
no dênen âneren.

Germaine. Gut gebrüllt, Löwe! Ech an denger
Plâtz hätt och eso' gesot.

Elly (geht mat de Glieder vun engem zum âneren).
Wann ech gelift, dir Herrschaften!

Germaine. Merci, Elly!

Elly (beim Fanny). Eso', meng Mod, daß d'ons am
ENN nôt nach erdischters!

Germaine. Op d'Wuehl vun onser gudder Tata
Marguerite! (Sie sto'ssen un.)

Madam Meyer. Op êr Zukunft, meng le'f Kanner!

Elly. An op d'Gesondhêt vun êrer e'schter Konn!

RIDO.

II. AKT

D'Spriechzömmen vun engem Dokter. E Schâf mat Fläschen, Watt, Verbandsgaz a. s. v.; eng Chaise longue, e Schreiwdösch, Still, e puer Apparaten.

1. Zén.

d'Fanny, d'Elly.

Fanny (sötzt vrun sengem Schreiwdösch). Aß et der Iescht, Elly? Wölls de mech wierklech elo am Plang loßben, fir Tennis spinnen ze gohn? Dât aß ower nach läng nöt sche' vun dir. Ech hätt geduecht, du ge'fs me'h Rücksicht op deng groß Schwester huelen.

Elly (steht mat enger Tennisrakett bei der Chaise longue). Mä, Fanny, ech bidden dech, sief dach verstänneg! Du werds hoffentlech nöt vu mir verlängen, daß ech mech mat dir hei âspéren, fir op de' e'scht Konn ze laueren. Ve'er Dêg sin ech schon nöt me'h baußent d'Dir kommt, me'h läng hälen ech et nöt aus.

Fanny. Oh, ech sin der och e'weg dankbar derfir.
A bei Geléenhêt werd ech mech schon er-
kenntlech weisen.

Elly. Dât hoffen ech och, well ömsoß aß der Do'd
an e kascht ên nach d'Liewen. Eng gutt pana-
sche'ert Glace bei Namürs kanns de mer schon
zum Beschte gin, drönner donken ech et nöt.

Fanny. Dê Wönsch aß nach licht z'erfüllen.
Ech hât schon Angscht, du ge'fs me'h he'ch
Usprech u meng bescheide Bourse stellen. Mä
o'hni Spâß: muß de dann haut de Mötteg
onbedëngt bei der Tennispartie sin? Soll ech
dem Claire nöt le'wer telephone'eren, du wârs
verhönnert an . . .

Elly. Daß de dech nöt önnerstehs, Fanny! Ech
hu mech schon all de' Dêg op de Mötteg gefrêt.
Jeje, Schwestechen, mâch nöt gleich e Gesicht
we' siwe Woche Rén; d'Leit lâfe jo fort,
wann se dech eso' gesin. Ech bleiwen dach
keng E'wegkêt eweg. An enger gudder Stonn
sin ech eröm bei der.

Fanny. A wann an dêr Zeit ên un d'Dir könnt?

Elly. Gehs d'emol eng Ke'her selwer opmân. Dât
werd denger E'her dach kên Ofbroch dun.

Fanny. Ech woll ower nöt mein égene Portier
spillen. Jidwer Dokter huet e Médchen, dât den
Dêngscht an der Dir mecht. Ech brauch dach
nöt hanner dênen áneren zräckzestohn. Daß
d'Suzanne ower och grad elo huet missen
hêmgohn!

Elly. Mir konnten em dât wahrhafteg nöt ver-
wiehren. Sei Brudder huet jo soß kên, fir him
de Stot ze fe'hren, eso' läng we' seng Fra an
der Klinik aß.

Fanny. Ech gin dât zo', mä 't aß ower fatal, daß ömmer alles zesumme könnnt: d'Suzanne fort, d'Tata mat hirem Rematissem geplot, an du d'hallef Zeit op der Rull.

Elly. Oh pardon, ech mengen, dê Virworf hätt ech nöt verdëngt. Ech hun dach des Dêg trei bei der ausgehâlen, hu mer während der ganzer Zeit vun denger Installatio'n keng Minutt Ro'h gegonnt, an elo fir de' e'scht frei Stonn, de' ech mer huelen, rëgs de dech op, we' wann dei Glück um Spill stëng. An ech froe mech fir wât! 'T huet bis haut nach keng lieweg Se'l sech hei gewiesen, da wär et dach dê gre'ßten Zo'fall, wa grad ên an dêr Weil ke'm, wo' ech fort sin.

Fanny. E sche'nen Tro'scht fir mech! Wann nömmen den Zo'fall mir Patienten verschâfe soll, kann ech vielleicht nach Woche läng vergiewens wârden. Mat wivill sche'nen Hoffnungen hun ech meng Praxis ugefâng a we' batter go'f ech enttaischt!

Elly. Mä so, Fanny, wât hâs du der dann eigentlech virgestallt? Hâs du ire gemênt, eso'bâl d'Annonce an der Zeidong stëng: « Doktor Fanny Klén, praktische Frauenärztin », ke'men d'Damme vu weït a brêt hei zesummegelâf, daß de' lescht Queue bis an d'Stroß mâ ge'wen an de ganzen Autoverke'her ömgelêt mißt gin.

Fanny. Mat denge faule Witzen aß mir nöt gehollef.

Elly. Majo, mei le'ft Kand, da so mer, we' ech mech ulée muß, fir dir ze hellefen! Soll ech mech vielleicht an d'Dir stellen, fir d'Leit erân ze ruffen? Soll ech d'Pescht an d'Kollera an

d'Land wönschen? Oder soll ech et mân we'
dê jongen Affekot o'gni Causen, vun dém d'Leit
erziehlen, daß en ên Dâg spaze're gângen aß
an engem uerge Streit vun e puer Borschten
nogekuckt huet. « So' aß et recht, Jongen, »
soll en zu hinne gesot hun, « zerschlot dir iech
nömmen, da kre'en ech och Arbecht! »

Fanny. Oh ge'h nömmen a loß mech a Ro'h!
Wanns de mengs, ech hätt de Kapp haut op
deng Dommhête stohn!

Elly. Nun, dann aß et jo besser, ech embête'eren
dech nöt weider. 'T gött iwerhâpt och Zeit,
daß ech mech ewég mân. Eddi, Schwestercchen,
bis derno! Hâl dech monter a spuer dech
gesond! (Wöllt fort gohn.)

Fanny (e we'neg barsch). Du kanns d'Hausdir
oploßsen. Wie wöllt bei mech kommen, werd
de Wê och nach eleng an de Wartesall fannen.

Elly. Zu Befehl, Herr Hauptmann! (Of.)

2. Zêm.

D'Fanny eleng.

Fanny (geht iergerlech op an of). Ech fänken
dach bâl un, de Kurâsch ze verle'ren! Wann
dât dê gro'ssen Erfolleg aß, dên ech mer ömmer
gedrêmt hât, abe merci dann! Hun ech duefir
eso' sche' Studien gemâch, eso' gutt Diplome
kritt, war ech duefir während zwê Johr dem
berühmten Dr. Bertier vu Pareis seng e'scht
Assistentin! Soll allen Ufänger hir Salle d'at-
tente de' e'scht Zeit eso' eidel stohn? Oder
aß dât vielleicht nömmen zu Letzeburg d'Lo's
vun de jongen Doktoressen, well ons Dammen

hinnen an hirer Konscht nach vill zevill mißtrauesch ge'ntiwer stin? We' et och aß, dât me'segt Wârden op de' e'scht Patientin dêt mech vergadderen a brëngt mech nach aus dem Haißchen. Ech hun eng Flemm, mä eng Flemm, 't aß kengem Mönsch ze son! Am le'fsten hätt ech de ganze Kome'di hei zo'gespârt a gemächt we' d'Elly. Eng Stonn Tennis an der gudder, fröscher Hierschtloft wär dât bescht Möttel gewiescht, meng Nerven ze kalme'ren. Mä ech ka mer dê Luxus elo nöt erläben. Wa meng Hoffnung, dê berühmte Souper spende'ren ze können, sech erfölle soll, muß ech meng Spriechstonnen genê ânhâlen. All Ke'her, wann den Telephon rabbelt, zidderen ech beim Gedanken, d'Germaine oder d'Jeanne ge've mer hir e'scht Konsultatio'n mellen. ('T klappt.) Ah, endlech! 'T huet ower och läng genug gedauert. Entrez!

3. Zén.

D'Fanny, d'Bäbbchen.

Bäbbchen (streckt de Kapp zur Dir erân). Bonjour! Sin ech och nöt falsch gång?

Fanny. Wuer woll der dann hin?

Bäbbchen. Bei d'Joffer Dokter Klên.

Fanny. Dann hutt der iech allerdêngs nöt geiert. Ech sin d'Doktesch selwer. Mä kommt dach erân, Joffer, a stellt êr Walliß duer an den Eck. Eso', nu setzt iech emol! Dir werd dach keng Angscht hun?

Bäbbchen. Angscht! Oh nêñ, nöt de' Bo'hn! D'Suzanne huet mer nach gesot, ir ech fortgânge

sin: « Bäbbchen, » huet et gesot, « du brauchs wierklech nöt ze férten, 't aß nöt eso' uereg, we's de der et virstells; d'Joffer Klén aß eng ganz le'f Joffer. »

Fanny. Ah, d'Suzanne huet iech heihibeschéckt!
(Fir sech.) De' gutt trei Haut!

Bäbbchen. Oh, ech wollt am Ufank neischt dervu wössen. Mä d'Suzanne huet nöt nogelosß mat Fle'wen, bis ech em schle'ßlech versprach hun, bei iech ze kommen. « Je, Bäbbchen, » huet et gesot, « sief dach verstänneg! Eso' e großt Framönsch we's du brauch d'Mamm dach nöt mmer hanner sech ze hun. Du baß dach soß nöt op d'Nues gefall. Huel dei Kurâsch an zwo' Hänn a probe'er we'negstens. Du werds gesin, we' gutt daß de vun der Joffer Klén behandelt göß! »

Fanny. D'Suzanne huet ganz recht! Dir könnt iech ro'heg menger Behandlong uvertrauen. Mä dir mußt mer ower fir d'e'scht verspriechen, alles genê ze befollegen, wât ech iech virschreiwen, soß schlon ech le'wer gleich Hand of vun iech.

Bäbbchen. Oh, d'Joffer soll sech nöt iwer mech ze bekloen hun. Ech si vu Jongtem u gele'ert gin, op d'Wuert ze follegen. Huet meng Mamm ons Kanner eppes ugéstallt, da war et nöt, fir sech läng ze bedenken, soß gár la Minn. A wann ech eppes nöt gutt mân, brauch der mer et nömmen ze son. Ech werd mer all Me'h gin, iech zefridden ze stellen.

Fanny. Dât luewen ech mer. Ech gesin, dir hutt gudde Wöll a sidd berêt, iech mengen Uwei-songen z'önnerwerfen. 'T aß jo och nömmen fir

ért Bescht. Dann äntwert mer elo emol ganz oprichteg op de' puer Froen, de' ech iech stellen. We' âl sidd dir eigentlech?

Bäbbchen. Ere'scht 17 Johr, mä ech sin ower me'h stârk we' muncherênt vun 20. Ech hun dohêm am Bauerewiesen ömmer dichteg matgehollef schaffen. De' schwe'erst Arbecht aß fir mech nömmen e Kannerspill.

Fanny. Wo' fehlt et da soß? Dir könnt mer ro'heg son, we' der iech spiert, o'gni iech ze gene'ren. Ech muß genê Beschêd wössen, wann ech iech richteg behandele soll.

Bäbbchen. Ech . . . ech . . . hun d'Hierz eso' schwe'er. ('T kreischt.)

Fanny (fir sech). Soll dât jongt Kand schon mam Hierz leiden? 'T kuckt mer ower nöt eso' drân. Nun, mir werden dât jo schon erausfannen. (Hârt.) D'Hierz we'h, woll der son! Duefir brauch der ower nöt ze kreischen, de' Sâch aß nöt eso' schlömm.

Bäbbchen. Jo, d'Suzanne huet dât och gemênt. « Je, Bäbbchen, » huet et gesot, « huel et nöt eso' schwe'er, 't maß dach eng Ke'her fir d'e'scht sin, daß ê vun senger Mamm fort an den Dêngscht geht; 't dauert jo nöt lâng, he'chstens 14 Dêg. Eso'bâl we' meng Schwe'er eröm gesond aß, huelen ech meng Plâtz nês selwer ân. »

Fanny (am Op- an Ofgohn). Wât soll dât hê-schen? Ech verstin nöt, wât dir domat mengt.

Bäbbchen. Nu ja, d'Suzanne huet gefârt, dir ke'mt bei êrer viller Arbecht dach nöt eso' licht o'gni Mêdchen zuwé. Duefir huet hat mech gefrot,

ob ech et wollt remplace'ren, bis sei Brudder
et entbiehre könnt.

Fanny (fir sech). Oh du le'wer Himmel, dât nennen
ech eng Deceptio'n. (Hârt.) Fir wât hutt
der mer dât nöt gleich gesot?

Bäbbchen. Mä ech hât der Joffer dach kên Hêl
doraus gemâcht. Oder wo'fir mengt der dann,
daß d'Suzanne mech bei iech geschêckt hätt?

Fanny. 'T aß wo'her . . . ech . . . ech hât dât
nöt richteg beduecht.

Bäbbchen. Wann d'Joffer mech ower nöt brauche
kann, da gin ech eröm. Ech wollt mech gewöß
nöt opdrängen.

Fanny. Nêñ, nêñ, dir kommt nach ewell ganz
geléen. Ech si wierklech fro'h, daß d'Suzanne
eso' gutt fir mech gesuergt huet. Huelt êr
Walliñ, Bäbbchen, a gitt mat mer an d'Haus.
Ech son iech dann, wât der hei ze mân hutt.
(Allebe'd of.)

4. Zêñ.

D'Hause'resch.

Hause'eresch (könnnt mat zwê Kierf erân a lußt
dorömmen). Dât aß mer eng sche' Wirtschaft
hei! 'T könnnt ên dêne Leit jo hire ganzen
Tuttelabutek ewegschlêfen, o'hni daß ên eppes
enuecht he'l. D'Hausdir steht weidenâfen op
an hei aß och nöt gespårt. Elo sin ech schon
an der drötter Kummer a kê Mönsch weder
bei nach noh. Loß mech meng Kierf emol
hier niddersetzen, sie mâ mech derno nach
midd genug. 'T re'hert sech nach ömmer
neischt, et mengt ê bâl, d'ganzt Haus wär

ausgestuerwen. Nuje, wann nöt geschwön ê könnnt, wârden ech alt nach e we'neg. . . . We' sche'n aß et heibannen, ânescht we' an der Kummer derniewent. Dât ellent Geröpp, wât do steht, aß secher fir d'Leit fêrten ze dun. We' kann nömmen ê verrëckt genug sin, fir eso' eppes opzehâlen! An dann ere'scht all dât gelungent Geschir! A mengem Liewen hun ech nach neischt eso' gesin. (Sie setzt sech op d'Chaise longue.) Ei, we' ên hei eso' flott op- an ofsprëngt! Den Nillesse Jängi hât bâl grad eso' eng Juppel an der leschter Lotterie gewonn. A well hie keng Plätz derfir hât, aß e bei de Fripjê gâng an huet dem se verkâf fir 75 Frang. Aß dât nöt en Hêdegeld fir dên êfällege Miwel? Jo, jo, de Jängi war och nach ömmer e Glëcksvull!

5. Zêñ.

D'Hause'resch, d'Fanny.

Fanny. Ah, dir sidd hei erâ kommt, fir op mech ze wârden. Nuje, 't huet jo och eigentlech neischt ze son. Aß d'Zeit iech dann nöt zevill lâng gin?

Hause'resch. E we'neg schon, mä du hun ech s'alt gediebelt.

Fanny. A wât fehlt iech da, Frächen?

Hause'resch. Wât soll ons klenge Leit dann ânescht fehlen we' d'Mönz. Jo, Joffer oder Madam, kuckt, ech sin eng ârem geplotte Fra, de' fir de Mann an d'Kanner schaffe muß. Fre'her aß ên alt nach gutt mam Do durch de Bösch kommt, mä haut bei dêne schwe'ren Zeiten

Fanny. D'Zeiten si schwe'er fir jidwerên. Mä huelt iech dach Plätz; dir gitt jo midd, eso' lâng do ze stohn.

Hause'resch. Dir hutt Recht, Joffer oder Madam.
(Setzt sech op d'Chaise longue.)

Fanny. Joffer!

Hause'resch. Abe, Joffer, ech si fro'h, emol raschten ze können. De ganzen Dâg op de Bêñ, ömmer Trâp op an Trâp of, dât wöllt eppes hêschchen.

Fanny. We' geht et iech da soß?

Hause'resch. Schlecht genug! Mei Mann huet schon drei Me'nt keng Arbecht me'h, a vun de Kanner aß ere'scht den êlste Jong am Verdêngscht.

Fanny. Nêñ, eso' war meng Fro nöt gemênt. Ech wollt nömmre wössen, we' der iech spiert?

Hause'resch. Deierlech, Joffer, ganz deierlech. Ech hun en Zidderen an de Bêñ vun dêm villen Trâpeklammen, an de Mo ze'ht mech bâl bis no Pareis.

Fanny. Hutt der iech dann nöt iwer den Appetit ze bekloen?

Hause'resch. Oh dach, Joffer, a mei Portemonni nach vill me'h. Wann ech ömmer ieße könnt, eso'bâl we' hien sech mellt . . .

Fanny. Dât soll der ower. Da muß der iech eben force'ren. Nie vill ießen, mä oft.

Hause'resch. An dobei nokucken, daß d'Kanner Honger leiden! Nê, Joffer, dât brêngen ech nöt iwer mech. Wann ên all Dâg zu ácht um Döscht sôetzt, hölt de Bro'truecht e'schter of, we' et engem le'f aß. Fir daß d'Kanner sech we'neg-

stens sät z'ieße kre'en, geht eng Mamm nach
hei an do gär mam eidle Mo.

Fanny (geht op an of). Hei leit en ierschte Fall
vun Anämie vir. De' ârem Fra sche'nt och
am he'chste Grad önnererniehrt. Nun, de' e'scht
Konsultatio'n kann ech scho gratis gin. Dât
werd mer och Glück brëngen! (Bleift vrun
der Fra stohn.) Dir sidd och sicher oft midd:

Hause'resch. Ech mengen eso'! Ech spiren munch-
mol meng Bén nöt me'h, wann ech owes spe't
hêmkommen. Mä wât wölls de hun? son d'Leit,
an da gin s'engem neischt. Ech kann nöt nömmen
no mir kucken. Wann ech ên Dâg nöt
op den Handel gin, dann hu meng Kanner dên
âneren Dâg kê Bro't.

Fanny. Wât fir en Handel bedreift der dann? Aß
dât och nöt ze schwe'er fir iech?

Hause'resch. Oh nén, ech dro mei ganze Butek
an dênen zwé Kierf hei no, an ech packen et
gutt. Ech hun vun allem, wât ên an engem
Stot brauche kann: Schongschne'er, Nackers-
knäpp, Toiletteséf, Kämm, Knixen, Stoppkot-
tong, Elastik, Sicherheitsspëngelen, Zwir, Fan-
gerhitt. Me'h eng sche'n Auswahl huet sicher
kên.

Fanny (fir sech). Elo geht eng Speicherlicht mer
op. Ech Eefalt! E gudden Iesel ste'ßt sech alt
nömmen eng Ke'her.

Hause'resch. Ech huelen alles beim Grossist, due-
fir kann ech et och me'h bölleg loßen we' de'
âner. Daje, Joffer, kåft mer eng Klengenkêt
of. Hei dê sche'ne Kamp fir an d'Posch, dê
muß iech dach gefälen.

Fanny. Ech hun dêr schon zwê.

Hause'resch. Oder e Stêck Veilchensêf? Probe'ert
emol, we' de' eso' gutt richt. Dât aß eppes ganz
Feines! 'T können nömmen eso' Reicher we'
dir sech dât lëschten.

Fanny. 'T dêt mer lêd, ech gebrauche scho johre-
lâng de'selwegt Mark. Meng Haut aß doru
gewinnt, ech ka mam allerbeschte Wöll keng
âner huelen.

Hause'resch. An de Stoppkottong dann? Dir zer-
reißt dach sicher Strömp we' jidwerên!

Fanny. Mä ech muß genê d'Fârf vu menge Strömp
hun, an de' aß nöt derbei. Ech bedaueren, mä
ech gesin neischt, wât ech gebrauche könnt.

Hause'resch. Mä sot emol, Joffer, sidd dir nöt
recht gescheit? ! Oder meng der vielleicht, dir
könnnt de Geck mat enger ârmer Fra mâñ? Fir
d'e'scht loß der mech eng E'wegkêt wârden,
dann fro der mech aus we' e Scho'lkand. An
zu gudder Lescht wöll der mech nach fortgoh
loßsen, o'hni mer eppes ofzekâfen. Ech hu
meng Zeit dach nöt gestuehl!

Fanny. Mä meng le'f Fra, wann ech ower neischt
ne'deg hun!

Hause'resch. Hei an desem Kuerf hun ech nach
Orangen a Banânen; oder kann d'Joffer de'
nöt ießsen?

Fanny. Da gött mer alt a Gottes Namen ve'er
Orangen.

Hause'resch. Sie sin eso' se'ß, daß d'Wâßer iech
am Monn zesummelêft. Eso', wann ech gelift,
Joffer!

Fanny. Wivill mecht dât?

Hause'resch. Ee Frang d'Stëck, dât aß da fir
ve'er Frang. (D'Fanny gött er fönnef Frang.)
Ech hun ower keng Mönz, fir eröm ze gin.
Huelt iech dann nach eng derbei.

Fanny. 'T aß scho gutt, dir könnt de Rescht
hälén.

Hause'resch. Oh, villmols merci! Joffer, dir sidd
ganz genti. Daje, avoir bis eng âner Ke'her!
(Of.)

6. Zén.

D'Fanny eleng.

Fanny. Aß dât nöt, fir en Huer op d'Stir ze
kre'en? We' konnt ech nömmen zwémol eso'
eräfalen? Daß dât och grad mir huet misse
passe'ren! Nun, 't aß nömmé gutt, daß kê vun
en allebe'd den Zweck vu menge Froen er-
roden huet. Ech mißt mech soß bis an de
Buedem erá schummen! Mä eng drött Ke'her
kritt ower kê mech me'h drun. Vorsicht ist die
Mutter des Porzellanhandels. Ech richten et elo
eso' ân, daß an Zukunft kê me'h eräkomme
kann, dên neischt heibanne verluer huet. . . .
Bäbbchen!

7. Zén.

D'Fanny, d'Bäbbchen.

Bäbbchen. Wât geliftt, Joffer!

Fanny. Dir vergießt jo nöt, d'Dir opmân ze
gohn, eso'bâl et geschellt huet?

Bäbbchen. Nêñ, d'Joffer kann sech op mech ver-
loßen.

Fanny. Abe, da paßt elo op! Nömmen de' Dammen, de' bei mech komme wöllen, dât hêschts, de' froen: « Aß d'Joffer Dokter do? » oder: « Ech ge'f gier mat der Joffer Dokter schwätzen », losß der an de Wartesall gohn. Jidwer ânere Besuch fe'her der an de Salon a kommt mir et mellen, wa soß kê vun ons heihêm aß. Den Hêsccheleit gött der e puer Su, a wie mat irgend eppes fehl könnt, fierdegt der an der Dir of. Hutt der mech och gutt verstânen?

Bäbbchen. Gewöß, Joffer, ech sin dach nöt vun der Domeneksmillen. Dir könnt êre Kapp a Ro'h lîen; ech werd mer schon alles mierken. (Of.)

3. Zén.

d'Fanny, d'Elly.

Elly. Neischt Neis, Fanny? Ma nêñ, ech gesin, du sötz nach ömmer hei, Dribsal op den No'ten ze blosen.

Fanny. Hei, fir wât könns du schon eröm?

Elly. Fir wât? Mä aus dêm einfache Grond, well iwerhâpt neischt laß wor. Ech hu mech ere'scht önnerwê drun erönnert, daß mer de' lescht Woch onsen Tennisjour op Dönschtes verluegt hun. An haut si mer Mêndeg, ergo . . .

Fanny. Jo, jo, mam Kapp geht et un. Oder hâs de vielleicht eng Ursâch gesicht, fir mat gudem Gelömp hei eraus ze kommen?

Elly. Oho, mei Bescht, eso' weit wärte mer hoffentlech nach nöt sin! ('T schellt; d'Elly geht op d'Dir zo'.)

Fanny. Du brauchs dech nöt ze beme'hen, Elly,
du baß denger Charge enthuewen. Ech hun elo
grad vrun enger Ve'relstonn en neit Mêdchen
engage'ert.

Elly. Sapristi! D'Joffer Dokter hölt sech nach
ewell vill eraus. A we' baß de dann eso' huer-
teg un de' Höllef kommt?

Fanny. D'Suzanne huet ons eng Remplaçante ge-
schéckt fir de' Zeit, wo' hat dohêm bleiwe muß.

Elly. Desto besser! Da wär meng Roll als Portier
jo schon ausgespilt, ir ech emöl d'E'her hât,
sie iwerhâpt unzefänken.

9. Zén.

De' Vireg, d'Bäbbchen.

Bäbbchen. 'T aß eng Madam do, de' no der Joffer
Dokter frêt.

Fanny. Hutt der se an d'Salle d'attente gefo'hert,
Bäbbchen?

Bäbbchen. Jo, well sie huet gesot, we' d'Joffer
gesot huet, daß sie mißt son.

Fanny. A we' huet se da gesot?

Elly. Öm Gotteswollen, hält dach op, 't geht mer
jo alles am Kapp durchenâner mat érem
Gesots.

Bäbbchen. Maja, sie huet gefrot: Aß d'Joffer
Dokter do?

Fanny. Dann aß et gutt. We' geseit de' Madam
dann aus?

Bäbbchen. Oh, ganz genê hun ech se nöt bekuckt.
Sie aß vu Kapp bis zu Fo'ß blo geklêd, huet
brong Schong a giel Hânschen un. Hir Aen

si gro, a wann ech mech nöt iren, huet se
donkel Hor.

Fanny. Eso' war et nöt gemént.

Bäbbchen. Wât soll ech der Joffer dann nach
me'h son? Ob de' Madam reich aß oder nöt,
konnt ech er mam beschte Wöll nöt ofgesin.

Fanny. Dir verstitt mech nöt, Bäbbchen! Ech
wollt nömmre wössen, ob et eng richteg Damm
wär, ob se nöt vielleicht e Kuerf, eng Walliß
oder eng gro'ss Kösch bei sech hätt?

Bäbbchen. Oh, de' Madam brëngt iech ganz si-
cher neischt an dêr zömerlecher Posch, de'
se an der Hand huet. He'chstens Mone'ten;
duefir brauch kê Mönsch vill Plätz.

Fanny. 'T aß gutt, Bäbbchen, dir konnt eröm un
ér Arbecht gohn. (Bäbbchen of.)

10. Zén.

De' Vireg, o'gni d'Bäbbchen.

Elly. De' e'scht Konn, Fanny, de' e'scht Konn!
Ech felicite'ren! ('T fällt dem Fanny öm den
Hals an danzt mat em durch d'Kummer.)

Fanny. O Mamm, o Kanner, we's du è ronderöm
werfs! Mir aß den Otem ausgång.

Elly. Dât mecht neischt; dê könnt der schon eröm,
fir derno den Honorär vun denger e'schter Kon-
sultatio'n ze fron. Ech sin eso' fro'h we' e
Geck, daß du d'Gleck hues, dê berühmte Sou-
per ze gin. Am le'fsten wär ech der scho beim
Mêdchen zo' öm den Hals gefall. . . . Mä so
emol, Fanny, aß d'Frêd dir vielleicht an d'Glid-
der geschlon oder kucks de schon an de'
âner Woch?

Fanny. Ech wéß nöt, we' et mer op êmol zu
Mutt aß. D'Hierz klappt mer we' engem Sto-
dent, dê vru sengem e'schten Exame steht!
(D'Elly geht op den Telephon laß.) Wât héscht
dât do, Elly, wât hues de wölles?

Elly. Denge Kolleginnen de' gläcklech Nuwell
matzedêlen.

Fanny. Loß emol nach sin, eso' presse'ert dât
nöt. Sie lâfe mer dach nöt fort.

Elly. Nê, gewöß nöt! Mä sie können ower vun
enger Minutt zur âner an démselwegte Fall
sin. Duefir héscht et, keng Zeit verle'ren an
hinnen elo zevirkommen. Iwer eng hallef Stonn
wär et vielleicht schon ze spe't. Ech fänken
emol beim Jeanne un, d'Germaine gött et
dann derno gewuehr. ('T dre'ht um Telephon.)
Allo, aß Esch do? . . . Nr. 54, wann ech gelifft!
. . . Hei aß Dr. Fanny Klén! . . . Bonjour,
Jeanne! . . . Nên, d'Elly . . . ech hun d'E'her
an d'Plese'er, dech fir e Sonndeg op de Souper
z'invite'ren, dên d'Fanny no êrem Pareißer
Kontrakt spende're muß.

Fanny (lues). Nöt fir e Sonndeg, Elly!

Elly (schwäzt virun). Mä elo grad. . . . Merci,
ech wönschen der de'selwegt Chance! . . .
Da könne mer op dech ziehlen? . . . Dât aß
geroden! . . . Merci, ech werd dem Fanny et
ausrichten. Avoir Jeanne bis e Sonndeg! —
Do elo wär de' Sâch erledegt.

Fanny. Mä Elly, wât hues de nömmé geduecht,
fir de Souper schon op e Sonndeg festzesetzen?
D'Suzanne nöt hei an d'Tata Marguerite wahr-
scheinlech nach am Bett, we' solle mer dann
do en ordentleche Menü zesummekre'en? Eso'

geht et, wann de' kleng Kanner no hirem
Käppche fuehren!

Elly. Loß mech nömmme gewärden.

Fanny. Du wölls dach hoffentlech nöt Käche
spillen, soß mißte mer fir d'e'scht all onse
Mo assure're loßsen!

Elly. Oho, Fanny, alt e we'neg lues.

Fanny. Aß et dann nöt eso'?

Elly. Nun, d'Kachen wor nach nie meng stârk
Seit; mä ech hu mech an desem Ponkt scho
bedeitend gebessert.

Fanny. Jo, jo, ech wêß Beschêd. Dên ârme
Mann, dên iefse muß, wâts du em virsetz!
Wann en nöt e Mo vu Stohl an Eisen huet,
hält en et ganz garante'ert keng zwê Me'nt
bei dir aus.

Elly. Do iers de dech, an nach ewell schwe'er.
Ech werd spe'der schon eng dichteg Hausfra
gin.

Fanny. De' ganz besonnesch gutt am Kache be-
wandert aß. Ech ka mer de Menü vun der
ganzer Woch schon denken. Wann dei Mann
möttes hêmkönnnt, mâcht dir eng Partie Tennis
zesummen. Dât aß dann den Apéritif. Fir
Hors-d'oeuvre spills d'em e we'neg Gei vir
oder du sëngs eng vun denge Romanzen, je
nodêm we' en opgeluegt aß. Als Plat de rés-
istance kritt en eng sche' Kotelett op den
Teller gemolt, a fir den Dessert danzt der
eng flott Walls em den eidelen Dösch. Da
werd dir scho gutt zesumme fuehren.

Elly. Oh we' frech! Nuje, wât soll ech mech nach
doriwer ophâlen? Ech délen nun êmol d'Lo's

vun alle gro'ße Gêschter; de' gin ömmer am Liewe verkannt.

Fanny. Mä mir mân der Damm dobannen d'Zeit lâng. Du kanns dech elo verfußen, Elly.

Elly. Dei Wöll, mei Fridd! Ech gin ower durch d'Salle d'attente. 'T mecht ömmer gutt an der Landschaft, wann e Patient, dên do sôzts ze wârden, nach âner Leit aus dem Konsultatio'nszömmer vum Dokter geseit kommen. Dât aß de' bescht Reklam. (Of.)

11. Zêñ.

D'Fanny, spe'der d'Joffer.

Fanny. De' kleng Hex! Eso' weit hätt ech emol nöt geduecht; 't huet ower nöt all Onrecht. Eso'bâl an der Stâdt vun engem Dokter erziehlt gött: « Bei dê kann ê kommen, we'ni ê wöllt, 't föndt ên ömmer Leit do », aß seng Renommée gemâcht. Da loße mer emol kucken, wât onser e'schter Konn fehlt! ('T mecht d'Dir op.) Wann ech gelifft!

Joffer. Bonjour! Hun ech d'E'her, mat der Joffer Dokter Klêñ ze schwätzten?

Fanny. Jo, ech sin et selwer. Huelt iech Plâtz, Joffer, dir hutt eso'vill vum Sôtzen we' vum Stohn!

Joffer. Merci, 't aß zwar nömmen fir e puer Minuten; länger dierf ech iech jo nöt ophâlen. Duefir wöll ech mech elo ganz kurz fâßen.

Fanny. Kurz a gutt, eso' aß et recht! Wären se nömmen all vun dêm Prinzip, da ge'f ons Gedold nöt eso' oft op d'Pro'f gesât. Also', wât hu mer dann?

Joffer. Ech komme vun der Société Electrolux d'Erlâbnes fron, iech onsen neie Staubsauger virfe'hren ze dierfen.

Fanny (aß opgesprongen, lues). Oh nondikaß, dât aß jo fir e Schläg ze kre'en! (Hârt.) Wößt der, Joffer, ech woll èrem Haus de' Me'h nöt mâñ.

Joffer. Oh, ech bieden iech, dât aß guer keng Me'h fir ons. Dir braucht nömmen ze son, wât fir en Dâg iech am gelèensten aß; ons Leit mussen eso' we' eso' des Woch hir an d'Stroß kommen, da geht et an engems. De' Demonstratio'n aß selbstverständlich gratis an engage'ert iech absolut nöt.

Fanny. Ech bedaueren, Joffer, ower de' Sâch interesse'ert mech guer nöt.

Joffer. Oh, Joffer Dokter, do hutt der entschieden Onrecht, erlâbt mer et ze son. E Staubsauger gehe'ert haut a jidwer moderne Stot; 't aß eng praktesch Höllef fir d'Hausfra an erspuert vill Arbecht an Ierger. Wât wor dât soß eng Opro'h am Haus, wann et gehéscht huet botzen. Haut mam Electrolux geht alles we' op d'Rullen: d'Kummeren brauchen nöt me'h ausgeräumt, d'Tappien nöt me'h ausgeklappt, d'Ridoen nöt me'h erof geholl ze gin. A wivill Zeit aß dodurch gewonnen? E Mêdchen mecht haut mam Staubsauger an enger Stonn de'selwegt Arbecht we' fre'her an engem halwen Dâg.

Fanny. Ech wêß Beschêd, mir hu scho vu ve'er Johr ê kâft; en aß ower geschwönn op de Speicher gewandert an e leit haut nach do.

Joffer. Jo, de' âl Modellen waren och nach nöt eso' perfektione'ert. Dê Apparat, dê mir iech virfe'hre wöllen, aß bis an de' klengst Dettaillen fei verschafft an entsprécht allen Ufuerderongen vun der Properte't an der Hygiene.

Fanny. Jo, wann de Stöpps, dê sech am Behälter ugesammelt huet, durch d'Stuckelen eröm an d'Kummer fle't, kann ên nach wuehl vu Properte't an Hygien schwätzen.

Joffer. Pardon, Joffer, dât aß bei desem Modell vollstäneg ausgeschloß. De Säckelchen leit hei an engem Metallzylinder, dê absolut kë Stöpps durchle'st. Außerdêm aß e mat engem Filtre'erstopp versin, dê all Bakterien opfänkt. Wo' wär eso' e gutt Möttel, d'Loft ze rengegen an hir de' schiedleg Mikroben ze huelen, besser ubruecht we' grad bei engem Dokter?

Fanny. Dât Dëngen mecht mer iwregens vill zevill Kome'di. Onsen Noper ge'f sech bedanken, wa mir de Staubsauger grad an dém Moment gebrauche mißten, wo' hie gemütlich do se'tz, de Concert vun der T. S. F. ze lauschteren.

Joffer. Do könn der außer Suerg sin! Dê leschten Electrolux aß eso' âgericht, daß en o'hni Gedisch fonktionéert. Dir könntt ro'heg dermat während engem Radioconcert oder Virdrag botzen, o'hni daß iech en To'n, e Wuert verluer geht. Dir könntt en niewent der We' vun engem klenge Kann gebrauchen, o'hni daß et aus dem Schlof erwächt. Loßt et nömmen op eng Pro'f ukommen, da werd der gesin, daß ech nöt iwerdriwen hun.

Fanny. Nê, wierklech, Joffer, 't aß onnötz, daß der nach weider insiste'ert.

Joffer. Mir sin och gär berêt, éren âlen Apparat zu ganz avantageus Konditio'nen op en neien ömzetauschen.

Fanny. 'T dêt mer lêd, Joffer, daß der iech ömsoß derange'ert hutt, mä ech ka mech einstweilen nach nöt entschle'ssen.

Joffer. Dann aß et vielleicht fir eng âner Ke'her. Dir braucht jo nömmen ze telephone'ren oder e Wiertchen un d'Société Electrolux ze schreiben, mir stin ömmer zu Erer Verfügong, fir iech eng Gratis-Demonstratio'n ze mânn. Avoir da, Joffer, bis spe'der! (Of.)

Fanny. Avoir, Joffer!

12. Zêñ.

D'Fanny eleng.

Fanny. Daß ech mengem Ierger endlech Loft mâ kann! Wivill Mol am Dâg werd de' Joffer hir Lektio'n erofschnadderen! Den e'schten Ament wor ech eso' be's, daß ech er am le'fsten d'Dir gewiesen hätt. . . . Huet dann alles sech haut ge'nt mech verschwuer? Ee Schläg könnt op dê nâneren. Meng sche'n Hoffnung op de' e'scht Konn gött ömmer nês zerste'ert. A we' stin ech elo vrum Jeanne do? Wât him son? 'T aß zevill iergerlech!

13. Zêñ.

D'Fanny, d'Elly.

Elly. Dierf ech? . . . We' ierscht, Fanny? ! . . . War de Fall wierklech eso' uerg, daß de de' Jammerminn opgesât hues?

Fanny. Loß mech a Ro'h, mir hun ons schwe'er
blame'ert!

Elly. Mir? Ech, wölls de sicher son. A we'
dât dann? Huet deng Wössenschäft dech am
Stéch geloß, wars d'um Enn vun dengem La-
tein? Mä fir wât hues de deng Encyclopédie
médicale nöt zu Rots gezun?

Fanny. Du kanns deng Wiederer spueren. De'
Joffer wor jo guer nöt fir eng Konsultatio'n
bei mech kommt.

Elly. Also' nöt de' e'scht Konn? ! Dât aß Schued!
Mä da verstin ech ower nöt, we's de dech
blame're konns.

Fanny. Jo, du geseis nöt me'h weit we' deng Nues
rêcht. Begreifs de dann nöt, a wât fir enger
Situatio'n ech mech elo befannen? Mir hun dem
Jeanne telephone'ert, hun et scho fir e Sonn-
deg âgelueden. Wât gött dât elo e Gaudi,
wann ech em mein Irtom âgestoh muß! Nên,
de' Blamâsch iwerliewen ech nöt!

Elly. Jeje, Fanny, schlo nöt gleich mat eso' gro'ße
Wiederer öm dech. Ech werd de' Sâch schon
eröm ârenken, daß absolut kê Schiet op dech
fällt. ('T he'ert ên e Krêsch.) Mä wât war
dât do? Hues de dê Krêsch nöt gehe'ert?

Fanny. Oh, d'Kanner werde wuehl e we'neg Ra-
dau an der Stroß mân.

Elly. Nên, dât aß nöt vun der Stroß kommt.

14. Zén.

De' Vireg, d'Bäbbchen.

Bäbbchen (könnnt gelâf). D'Joffer Dokter soll
gleich erofkommen, wann ech gelifft!

Fanny. Aß eppes geschitt, Bäbbchen? . . . Mä
da schwätzt dach!

Bäbbchen. Jo! De' Madam, de' ech vrun enger
Ve'arelstonn erâgefo'hert hun, aß an der Trâp
gefall a kann nöt me'h op de Fo'ß stohn.

Fanny. Dât âremt Kand! Da muß ech gleich
kucke gohn, wât em fehlt. (Of.)

15. Zêñ.

De' Vireg, o'hni d'Fanny.

Elly. We' aß dât da gâng, Bäbbchen?

Bäbbchen. We' et genê gângen aß, kann ech och
nöt son. Ech si grad d'Kellertrâp eropkommt,
du he'ren ech op êmol e schwe're Plo'fert an
e Krêsch. Ech lâfen huerteg an de Gank, a wât
gesin ech? D'Madam leit an der Trâp, hiren
Hutt op dêr enger Seit niewent sech, hir
Posch op dêr ânerer.

Elly. Ech froe mech, we' et me'glech aß, an onser
kamo'dter Trâp ze fâlen?

Bäbbchen. Dât aß dach kê Wonner! Wann ên op
eso' he'ge Gigestiller dorömmer spaze'ert,
kann ên d'Gleichgewicht nöt behâlen. Meng
Mamm huet ömmer gesot: « De' neimo'desch
Schong, de' d'Fraleit haut dron, si grad gutt,
fir daß se Hals a Bêñ dra briechen. Wa je
ênt vun iech op eso' Stelze könnt, hân ech em
d'Talleken vun de Schong erof. » Mä elo muß
ech gohn, d'Joffer Dokter brauch meng Höllef
vleicht. (Of.)

16. Zén.

D'Elly, spe'der d'Fanny.

Elly. 'T aß kēn Onglēck eso' gro'ß, 't aß ömmer e Glück derbei. Wann de' Malchance der Joffer an der Stroß oder dohēm passe'ert wär, hätt Fanny se ganz sicher nöt ze behandle kritt. An da sēt et nach eppes vun engem Pechvull. (D'Fanny könnt.) Da wärs de elo dach durch en Zo'fall un deng e'scht Konn kommt!

Fanny (fänkt un, alles erbei ze sichen: Kampfer, Verbandswatt a. s. w.). Jo, en onglēcklechen Zo'fall fir d'ârem Joffer.

Elly. Wât aß er dann eigentlech geschitt?

Fanny. Sie huet en Träplenk verfehlt an aß dobei eso' onglēcklech gefall, daß se de Fo'ß verstaucht huet. Dēn aß gleich dērmoßen ugeschwollen, daß ech d'Strönp hu missen op-schneiden, fir derno kucken ze können.

Elly. Dât kann eng längwiereg Geschicht gin.

Fanny. Oh, menger Usicht no dauert et ömmer 2—3 Wochen, ir se hire Fo'ß eröm richteg gebrauche kann. Du muß gleich telephone'ren, fir en Auto erbei ze kre'en.

Elly. Fiehtrs du mat der Joffer?

Fanny. Jo, ech kann dât âremt Kand nöt eleng hêm goh loßen; 't huet mech och gefrot, ob ech sei Fo'ß soigne're wöllt, bis en eröm ganz hēl aß.

Elly. Da wär deng E'her jo elo gerett, Fanny, an du brauchs deng Invitatio'nen nöt rückgängig ze mâñ.

Fanny (nach an der Dir). Daß de dem Jeanne
ower nöt sês, we' ech u meng e'scht Kon-
sultatio'n kommt sin.

Elly. Se' außer Suerg! Ech beruffe mech op de
Secret professionnel. (D'Fanny of; d'Elly hölt
den Telephonshörer an d'Hand.) Jo, jo, eso'
geht et an der Welt: Dêm engen sein Do'd,
dêm âneren sei Bro't!

